N°63
Entrée le 02.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch,op d'parlamentaresch Fro n° 63 vum 29. November 2023 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwer den Arrestantentransport vum Prisong Uerschterhaff**

Ad Froen 1. an 2.

Déi betreffend Raim vum Prisong Uerschterhaff sinn esou amenagéiert ginn, dass si souwuel fir Videokonferenzen wéi och am Presentiel kënne vun de Justizautoritéite genotzt ginn. Sou ginn dës Raim zum Beispill fir Videokonferenze vun der "Chambre du Conseil" vum Bezierksgeriicht Lëtzebuerg a vun der Cour d'appel genotzt fir Audienzen ofzehalen, wann et ëm eng "mise en liberté provisoire" vun engem Prisonéier geet. Zu dësem Zweck ginn dës Raim ongeféier 10 bis 15 Stonnen d'Woch genotzt. Et gi keng Statistiken doriwwer gefouert a wéi ville Fäll, wéi eng Deeg a wéi vill Stonnen déi Raim säit der Ouverture vum Prisong Uerschterhaff vun den Untersuchungsriichter gebraucht gi sinn.

Ad Fro 3.

Säit der Ouverture vum Prisong Uerschterhaff de 5. Dezember 2022 bis op de 4. Dezember 2023 sinn 1.419 Prisonéier op d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg an op d'Cour d'appel gefouert ginn, an 265 Prisonéier op d'Bezierksgeriicht op Dikkerech. Statistiken iwwer d'Zuel vun den Transporter selwer ginn net gefouert.

Lëtzebuerg, den 2. Januar 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue